

Lëtzebuerg, den 3. Juni 2016

Cuius regio eius religio

Pressecommuniqué zu der obligatorescher Formatioun fir dat neit Fach « Vie et Société »

Aus Angscht, ideologesch ze wierken, ergëtt sech den Unterrichtsministère der Ideologie a verléiert domadder seng Glafwierdegkeet.

“Wes der Fürst, des der Glaub’”

Sou housch et zu Zäite vun der Reformatioun an de Glawenskricher an Europa, zu Zäiten, wou déi einfach Leit hire Glawen oft méi oft a méi séier hu misste wiesselen wéi hier ënnescht Wäsch, wat – dat sief zouginn – deemools vläicht och net schwéier war.

Haut hu mer op mannst am Beräich vun der Hygiène an der Santé publique grouss Fortschrëtter gemaach; just mat där Saach mam Glawen doe mer eis nach ëmmer herrlech schwéier. Déi proklaméiert an ugefaangen Trennung vu Kierch a Staat, déi deenen engen ze wäit an deenen aneren net wäit genuch geet, offenbaart längst op Säite vun hire vehementste Bedreiwter genee dat, wat déi angeblech bekämpfen an aus der Welt schafe wëllen. Si schaffe mat Dogmen, verfechten eng Doktrinn; si géinge sou gären dru gleewen, dass dës Regierung messiasgläich de laizistesche Staat ausriff an erwaarde sech näischt méi a näischt manner, wéi dass se endlech en entspreichend Zeechen geschéckt kréien.

An dat Zeechen ass erschéngen, zumindest an der klenger Welt vun der Education nationale, an et stoung op eemol geschriwwen, dass de bisherege Choix tëscht dem Reliounsunterricht an der Morale laïque zugonschte vun engem eenheetleche Cours *Vie et Société* (VIESO) sollt ofgeschaaft ginn. An déi vill Streiter am Numm vun enger besserer Zukunft hätte gär gesinn, dass et gutt war, mee soulaang si net déi al Götzen zerschloen an hir Dénge aus dem Tempel vun der Education nationale verdriwwen geséichen, kéinte si net gleewen, dass et der Regierung eescht wier.

Dunn hat de Ministère de l'Education nationale en Agesinn an huet hinnen ee weidert Zeeche geschéckt, fir dass si sollte gleeweg sinn an net ongleeweg.

En Danz ronderëm dat gëllent Kallef

An do sti mer haut. An engem Schreiwe vum 20. Mee erkläert den Unterrichtsminister Claude Meisch den Enseignanten aus de Fächer „*Formation morale et sociale, Instruction religieuse et morale et Education aux valeurs*“, dass si bis Enn Oktober 16 Stonne Formatioun musse maachen, wa si an Zukunft dat neit Fach VIESO wëllen enseignéieren. All d'Modalitéite si bis an de leschten Detail erkläert. Firwat sech also opreegen?

Als éischt befriemt déi Nomenclature. Gehéiert dem Här Meisch seng Generatioun nach zu deenen, déi an der Zäit eventuell *Doctrine chrétienne* um Stonneplang haten, sou kenne mer am Secondaire haut nach just *Morale chrétienne* (MORCH) a *Formation morale et sociale* (FOMOS). Indoktrinéiert gëtt am Secondaire scho laang net méi! Wat *Instruction religieuse et morale an Education aux valeurs* ugeet, sou sinn dat d'Fächer aus dem Fondamental, wat fir déi inhaltlech déifgehend Pertinenz vun där Formatioun schwätzt.

One size fits all, vum I-Butz bis zum 18-Järege, vum ze konvertéierende Kateheet bis zum Philosophieprofesser. Et wäert en Erliefnes ginn!

Ënnert deene Kollegen dann, di MORCH oder FOMOS ginn, sinn der engersäits, déi sou e Fach ginn, well Nout um Mann ass oder well se nach Stonne brauchen. Anerersäits ginn et gestanen Enseignanten, déi dat Fach geléiert hunn an zanter Jore - wann net Joerzénge - ënnerriichten. Et ginn der engersäits, déi keng weider Formatioun doranner hunn, an anerer, déi Kompetenz an Erfahrung accumuléieren. Déi eng wéi déi aner ginn elo bis Enn Oktober duerch 16 Stonne Formatioun geschleist. Fir déi eng kann dat gewënnbréngend sinn, fir déi aner ass et eng Zoumuddung: Wien den Descriptif vun där Formatioun liest, gesäit, dass ee gestanenen Enseignant dat zanter ëmmer scho mécht an dass et wuel nach besser wier, hie kéint di Formatioun selwer halen, wéi dass e se muss iwwert sech ergoe loossen.

Mee bon, di ganz Dispositioun ass via Gesetz längst um Instanzewee. War et dat dann elo? Wäit gefeelt!

Et ass am Secondaire esou, dass den Direkter jidderengem Enseignant a sengem Gebai een x-belibegt Fach ze hale ka ginn – ouni entspreechend Formation continue. “Pour besoins de service” heescht dat dann. An déi gréisste “besoins de service” sinn et zanter ëmmer an der FOMOS ginn. Do ginn et zanter kuerzem eréischt richteg FOMOS-Professeren; fir de Rescht hëllef d’Kollege vu lénks a riets aus, oft genuch ouni spezifesch an dem Fach geschoult ze sinn. Wien dann nach spéit genuch vu séngem Direkter mat deem Cours begléckt gëtt, kënn gär genuch och laanscht di 16 Stonne Formatioun. Grad déi, déi vläicht e Gain dorausser zéie kéinten, wäerte demno net vun där Formatioun tangéiert ginn. Dofir awer déi, déi se sécher net brauchen.

A wat bedeite 16 Stonne Formatioun am VIESO-Fach? Dat ass guer näischt. Wier VIESO eppes fundamental Aneschters wéi FOMOS oder MORCH, géinge 16 Stonnen Formatioun längst net duergoen, fir dat neit Fach ze beherrschen. De Stage pédagogique fir Professer ze ginn gesäit 264 Stonnen Theorie an op mannst 144 Stonne praktësch begleedung viir. Am Kloertext: VIESO ass net méi wéi eng Programmännerung, déi geplangte Formatioun ee rout-gréng-bloe Maquillage.

Wann een dann och nach bedenkt, dass dat neit VIESO-Fach wéi seng zwee Antécédents null Importenz fir d’Promotioun vun de Schüler wäert hunn, mierkt och nach dee leschte Fervent, dass hei Theater bedriwwe gëtt. Hei gëtt aus politesche Grënn Chaos an den Enseignement eragedroen an d’Enseignanten als Geisele fir politesch Zwecker sacrificéiert. Den Deckmäntelche vun deem sou positiv geluedene Begrëff “Formation continue” verstoppt hei mol net noutdürftig, wat ee passend wuel just als Schäinhellegkeet bezeechne kann.

Realismus statt Idealismus

Mir fuerderen de Minister dofir op, eng neutral, onideologesch Schoulpolitik ze bedriwwe, ee kloere Programm fir VIESO festzeleeën an alle Schoulgebaier zoukommen ze loossen. Mir fuerderen d’Faleossen vun der obligatorëscher Formation continue am Fach VIESO fir di nominéiert Professeren, Candidats-professeurs a Stagiairen an de Fächer MORCH a FOMOS a fir déi Chargéen, déi FOMOS net fir d’éischt ginn. Dee ganze Brimborium ronderëm VIESO denonciéiere mer als dat, wat et ass: en Danz ronderëm dat gëllent Kallef!

De Comité vunn der FÉDUSE/Enseignement-CGFP